N°8180
Entrée le 29.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 8180 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen an Diane Adehm**

Am Zesummenhang mat den Épreuves Standardisées (ÉpStan) vum Schouljoer 2022/23 kann ech follgend Detailer matdeelen:

D'ëffentlech Schoule kruten de 7. Mäerz 2023 Accès op den Download vun hirem jeeweilege Schüler-, Klassen- a Schoulfeedback. Déi international ëffentlech Schoule kruten den 21. Mäerz 2023 Accès op den Download vun hirem jeeweilege Schüler-, Klassen- a Schoulfeedback. Zanter dem 18. Abrëll 2023 kann all interesséiert Persoun déi allgemeng Resultater um Portail https://dashboard.epstan.lu/ nokucken.

Eng Eegenaart vun den ÉpStan ass et, datt se net nëmmen e Feedback iwwer d'Resultater um Niveau vum Bildungssystem ginn, mee och op allen Ënnerniveauen (Schoul, Klass, Schüler), an esou och fir d'Schoulentwécklung a fir d'Stäerkung vun den diagnostesche Kompetenze vun den Enseignantë kënne genotzt ginn, awer natierlech och fir individuell Léier- an Ënnerstëtzungsbedürfnisser ze bestëmmen. D'Enseignantë kréie souwuel hire Klassefeedback, wéi och déi eenzel Schülerfeedbacken. All Schüler kritt säi perséinleche Feedback matgedeelt, an d'Eltere kréien op deem Wee eng Réckmeldung iwwert den Entwécklungsstand vun hirem Kand.

Déi järlech ÉpStan-Resultater ginn der Allgemengheet oder de politesche Vertrieder normalerweis net extra presentéiert. Ausnamen heizou ware viru Kuerzem d'Resultater iwwer den Impakt vun der COVID-19-Pandemie (Pressekonferenzen den 22. Abrëll 2021 an den 1. Abrëll 2022), d'Resultater iwwer d'fréikandlech Betreiung an Erzéiung zu Lëtzebuerg (17. Mee 2023) an d'Resultater iwwer international ëffentlech Schoulen (Pressekonferenz vum 7. Juli 2023). D'Resultater vun den ÉpStan ginn awer zanter 2015 all dräi Joer am Bildungsbericht presentéiert.

Fir déi ëffentlech Schoule sinn d'Resultater vun all Fach um Dashboard ze fannen (https://dashboard.epstan.lu/).

D'Fachresultater an der Mathematik vun den internationale Schoulen zu Lëtzebuerg fënnt een an dëser Publikatioun: *LUCET & SCRIPT (Eds.). (2023). European Public School Report 2023: Preliminary Results on Student Population, Educational Trajectories, Mathematics Achievement, and Stakeholder Perceptions.* https://doi.org/10.48746/eps2023

Allgemeng Conclusiounen iwwer d'ÉpStan Resultater (net spezifesch fir d'Resultater vun 2022/23) kënnen an de follgende Publikatiounen iwwer verschidden Themeberäicher fonnt ginn:

- *LUCET & SCRIPT (Eds.) (2018). Nationaler Bildungsbericht Luxemburg 2018. Luxembourg: LUCET & MENJE.*
- *LUCET & SCRIPT (Eds.) (2021). Nationaler Bildungsbericht Luxemburg 2021. Luxembourg: LUCET & MENJE.*

(https://men.public.lu/content/dam/men/fr/actualites/articles/communiques-conference-presse/2021/12/Nationaler-Bildungsbericht-Luxemburg-2021.pdf)

- *Hornung, C., Kaufmann, L. M., Ottenbacher, M., Weth, C., Wollschläger, R., Ugen, S., & Fischbach, A. (2023). Early childhood education and care in Luxembourg. Attendance and associations with early learning performance. LUCET. https://doi.org/10.48746/epstanalpha2023pr*
- *LUCET & SCRIPT (Eds.). (2023). European Public School Report 2023: Preliminary Results on Student Population, Educational Trajectories, Mathematics Achievement, and Stakeholder Perceptions.* https://doi.org/10.48746/eps2023

Souwuel den Dashboard (https://dashboard.epstan.lu/) wéi och all déi hei uewen opgezielte Publikatioune si fräi zougänglech a kënne mam spezifizéierten DOI erofgeluede ginn.

Lëtzebuerg, den 29. August 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH